

# DOSSIER

#3 2021 | BEILAGE DES AKTUELL |

OGB·L

# 1. Mai-Rede





# „Dat bedeit mir vill.“

Ech soen iech all villmools Merci fir är Präsens haut de Moien. Dat bedeit mir vill. Dat bedeit vill fir den OGBL an fir de Landesverband.

Grad dëst Joer. Well et schwéier war déi richteg Manéier ze fannen, wéi mir den Dag vun der Aarbecht zesumme kënne feieren.

Alt erëm kënne mir eist traditionellt 1. Mee-Fest net esou feiere wéi mir et gewinnt sinn…An der Abtei Neimënster, mat dausende Leit, engem flotte Programm, enk zesummen, verbonne mateneen duerch esou villes.

D’lescht Joer hu mir et missen op e reng digitalen 1. Mee aschränken. Dat wollte mir dëst Joer vermeiden. An am Respekt vun alle sanitäre Restriktiounen, mat enger verantwortungsvoller Organisatioun, fir d’Sécherheet an d’Gesondheet vun eis all ze schützen, mat vollstem Verständnis awer och, fir all déi vulnerabel Leit an déi, déi sech nach net wuel fille mat ville Leit zesummen ze kommen, hu mir et awer fäerdeg bruecht haut hei ze stoen.

An déi éischt Gewerkschaft vum Land huet decidéiert, datt wa mer schonn déi méi traditionell Form vu Cortège a Manif wielen, och erëm ganz „back to the roots“ ze kommen - a mir si frou haut hei zu Esch ze stoen, an der Wéi vum OGBL. Déi leschte Kéier wou dem OGBL seng 1. Mee-Feier zu Esch war, war 1991, also genee virun 30 Joer!

Mir kënne frou sinn, mir kënnen houfreg op eis sinn, datt mir deen Dag, den Dag vun der Aarbecht zesummen op d’Strooss ginn.

Well den 1. Mee ass a bleift den Dag vun de schaffende Leit!

# „Fir d'Emanzipatioun vun de Schaffenden."

**Mir stinn a fir soziale Fortschrëtt, an deen erreeche mer sécher net duerch sozial Ausgrenzung an Zersplitterung**

Säit iwwer 130 Joer ass den 1. Mee weltwäit den Dag wou mir de schaffende Männer a Frae gedenken.

Den 1. Mee huet fir den OGBL an de Landesverband eng wichteg historesch a gewerkschaftlech Bedeitung.

Well den 1.Mee, den Dag vun der Aarbecht, den Dag vum weltwäite gewerkschaftlechen Asaz fir Gerechtegkeet, fir soziale Fortschrëtt, fir Fridden an Demokratie, fir Fräiheet a Gläichheet, dee muss gefeiert a geéiert ginn!

Fir d'Emanzipatioun vun de Schaffenden, fir hir Rechter, fir eng Welt wou jiddereen ouni Angscht an Ënnerdréckung senger Aarbecht kann nogoen.

Den 1. Mee ass och den Dag vum Fridden, an duerfir spillt den Asaz géint de Militarismus a géint d'Opréschtung eng entscheedend Roll fir eis Gewerkschaft. D'lescht Joer hunn déi militär Ausgabe weltwäit eng Rekordhéicht erreecht vu bal 2000 Milliarden USD. An dat am Pandemie-Joer, wou mol déi drénglechst Besoinen net erfëllt gi sinn.

Et gëtt keen 1. Mee ouni och de gewerkschaftlechen Asaz fir d'Mënscherechter ze erwänen. Et ass inakzeptabel, a komplett onverständlech firwat mir nach ëmmer kee contraignanten Devoir de vigilance iwwert en nationaalt Gesetz zu Lëtzebuerg hunn.

Et muss direkt eng gesetzlech Verflichtung ginn, sou wéi et a verschiddenen europäesche Länner de Fall ass, opzepassen, datt all d'Handelspartner an d'Soustraitanten, déi ee weltwäit huet, sech un d'Menscherechter hale mussen.

Den 1. Mee ass en internationalen Dag, dee keng national Grenze kennt. An och dëst ass haut, wou mer a Covid-Zäiten op eemol virun zum Deel zouenen nationale Grenze stinn, méi wichteg wéi jee.

Mir liewen oder schaffen an engem Land matzen an der Groussregioun. Eng Regioun déi matzen am Häerze vun Europa läit. Déi d'Wéi war vun der Europäescher Unioun. An enger Regioun wou de Schengener Accord ënnerschriwwe ginn ass, deen déi fräi Beweegung vun de Bierger vun der Unioun staark vereinfacht huet.

A mir wëssen dat ze schätzen.

Vill Betriber hei am Land schaffe grenziwwerschreidend an eis Wirtschaft ass ugewisen op déi iwwer 200.000 Grenzgänger, déi hei schaffen.

Lëtzebuerger ginn an de Musée an akafen op Metz, Metzer ginn op Concerten zu Lëtzebuerg an hei zu Esch. Dat selwecht gëllt fir eis däitsch an eis belsch Nopeschlänner.

A well mir mussen erliewe wéi fragil dat alles ass, musse mir dës Errongenschafte verdeedegen a verdéiwen. Am Interessi vun alle Bierger. An dofir stinn och den OGBL an de Landesverband.

Fir sozial Rechter vun alle Salariéen. Et däerf keng Diskriminéierung op der Aarbechtsplaz ginn, bei der Sozialversécherung, bei der Besteierung, beim Kannergeld, nëmme well ee Grenzgänger ass.

An dat selwecht gëllt fir déi Résidenten, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn, déi Zéngdausende vun Immigréen hei am Land, déi d'Land och zu deem maache wat et ass an déi awer oft nach diskriminéiert sinn an net déi selwecht Chancen hunn.

Mir stinn a fir soziale Fortschrëtt, an deen erreeche mer sécher net duerch sozial Ausgrenzung an Zersplitterung oder duerch Sozialdumping, mee au contraire, just duerch Zesummenhalt, Solidaritéit a sozial Harmoniséierungen no uewen.

Den 1.Mee dierf och net virun engem Coronavirus Halt maachen. An och d'Aktivitéite vum OGBL a Landesverband sinn net am Lockdown.

Well — a mir ginn et net midd ze widderhuelen: mir gi gebraucht!

Déi dausende Militanten, Personaldelegéierten, Gewerkschaftler, déi an dëser schwéierer Zäit vun der Pandemie weider do waren a sinn, fir d'Rechter vun de Leit ze verdeedegen, fir eis demokratesch Matbestëmmung anzestoen.

Dir sidd aus alle Beruffer, aus allen ekonomesche Secteuren, vun ënnerschiddlechen Nationalitéiten, wunnt zu Lëtzebuerg oder an der Grenzregioun, sidd jonk oder al, Männer oder Fraen.

Dir sidd déi Leit, déi gelidden hunn an de leschte Méint an och nach wäerten op d'Zänn bäisse mussen.

# „Fir datt aus dëser sanitärer Kris keng déif sozial Kris entsteet."

Mir sinn haut an eiser Gewerkschaft mat enger Situatioun konfrontéiert, déi et nach ni ginn ass.

Well mir hu vill erlieft an deem leschte Joer wat ni ee komme gesinn hätt.

Mir sinn elo beim 13te Covid-Gesetz ukomm an et sinn eng iwwer 30 Derogatiounen um Aarbechtsrecht getraff gi wärend der Pandemie.

An den OGBL an de Landesverband hu wärend der ganzer Zäit hir Roll erfëllt a sech, mat vollem Bewosstsinn par rapport zum Eescht vun der Situatioun, kritesch geäussert a gewiert wann et huet misse sinn. A mir hunn och net virdrun zréckgeschreckt fir konkret Fuerderungen ze stellen.

Réckbléckend kann ee soen, datt dank eisem Asaz awer eng ganz Rei u Mesure geholl gi si fir déi schaffend Leit an hir Famillen, wat d'Ofsécherung vun den Aarbechtsplazen, de Revenuen an den Existenzen ubelaangt.

Den OGBL an de Landesverband hu vun der éischter Minutt u gekämpft, datt aus dëser sanitärer Kris, déi zu enger ekonomescher Kris féiert, keng déif sozial Kris däerf entstoen.

Dat war eise Motto vum éischten Dag un a mir wäerten dat bis zum Schluss erkämpfen. A mir musse kämpfen an dësen Zäite vun Onsécherheet, vun Zersplitterung an der Gesellschaft, vun Existenzängschte vun Zéngdausende Beschäftegten hei am Land a virun der Ongewëssheet wéini a wéi komme mer hei eraus a wéi gesäit d'Welt vu muer aus.

Dës Welt kann nëmme mat eis gestallt ginn! Mat der éischter Vertriedung vun alle schaffende Leit an hire Famillen hei zu Lëtzebuerg.

En Enn vun der Coronakris ass nach net a Siicht.

Onofhängeg dovu wéi laang et nach geet, déi ekonomesch Kris ass net méi ze verhënneren.

Mir mussen elo kucken d'Ausmooss an d'Dauer vun der wirtschaftlecher Kris ze begrenzen.



# „Et ass eng Chance verpasst ginn."

D'Europäesch Kommissioun ass zur Zäit am gaangen d'Länner finanziell ze ënnerstëtzen, fir datt se et aus der Kris packen. Duerfir huet all Land misse bis Enn Abrëll e Plan de reprise et de résilience op Bréissel schécken. D'Kommissioun seet, dës Pläng sollen am Sozialdialog opgebaut ginn.

Dat ass hei zu Lëtzebuerg NET passéiert. Eis Regierung huet en Alleingang gemaach, bis op eng Alibiprozedur ass net wierklech matenee geschwat ginn.

An dat an dëser sou wichteger Fro vun, wéi gëtt d'Welt vu muer gestalt, wat sinn d'politesch Prioritéiten, d'Ambitioune fir aus der Kris erauszekommen.

Wat huet eis Regierung gemaach? Si huet unilateral hiren eegene Plang eraginn.

Dat ass de Contraire vun deem wat hätt misse passéieren. All déi Mesure mussen elo diskutéiert ginn. Zesummen. An duerfir maache mir haut en dréngenden Appell un d'Regierung, datt se de Sozialdialog verdammt eescht ze huelen huet.

Am Interessi vum soziale Fridden. Well de Sozialdialog ass de Präis fir de soziale Fridden!

Nieft dem Fait, datt de Plang net a Concertatioun mat de Sozialpartner ausgeschafft ginn ass, muss ech kloer soen, et ass eng Chance verpasst ginn.

Et si keng nei Akzenter a punkto Sozialpolitik ze fannen; keng Mesure fir de Gesondheetssystem ze stäerken, keng Mesure fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken; keng Mesure fir géint d'Inegalitéite virzegoen.

Dat ass e Skandal, an do kann eis Regierung sech schummen.

Well d'Inegalitéiten déi klammen, a klammen, a klammen ... D'Tendenz ass leider ongebrach. Lëtzebuerg war viru 15-20 Joer nach bei deene Beschten; haut leien d'Inegalitéiten iwwert dem europäeschen Duerchschnëtt.

Wéi laang wëll d'Regierung do nach nokucken?

Vill Leit hu Problemer fir um Enn vum Mount d'Enner beieneen ze kréien. Vill Leit musse bei den Offices sociaux fir Hëllef froen oder an den Épiceries sociales akafe goen.

Ech hunn d'lescht Joer schonn a menger digitaler 1. Mee-Ried de John Castegnaro zitéiert. Wat hie schonn 1982 gesot huet, ass haut nach ëmmer wouer. „Virun der Kris hunn se eis net gefrot fir d'Milliardegewënner ze verdeelen, da sollen se eis och no der Kris net froe fir d'Milliardendefiziter ze bezuelen."

**De Schwéierpunkt muss op eng Politik vun der Nofro gesat ginn**

Och wann et sech dës Kéier em eng sanitär Kris handelt, wou mer all zesummen en onsiichtbare Feind bekämpfen, kënnt d'Stonn vun der Wouerecht ëmmer méi no...

Milliarden Euroen si bis elo ausgi gi fir d'Iwwerliewen ze erméiglechen. Wéini a wéi soll dat bezuelt ginn?

Um Wee eraus der Kris kann ech nëmmen eng dréngend Warnung maachen: et dierfen net déi selwecht Feeler wéi no der Kris 2008-2009 gemaach ginn!

Den OGBL an de Landesverband akzeptéiere kee Réckfall an eng Austeritéitspolitik hei am Land. Déi Politik, mat hire fatale wirtschaftlechen a soziale Konsequenzen op ganz Europa huet gewisen, datt se déi falsch ass.

An dat ass den Haaptoptrag, deen den OGBL an de Landesverband sech an dëser Kris ginn: Déi schaffend Leit wäerten net fir dës Krise bezuelen. An do gi mir kee Milimeter no.

De Contraire muss passéieren.

D'Erhuelung vun der Wirtschaft ass op en intakte Sozialstaat an op e finanzstaarke Staat ugewisen.

Dës Kris huet erëm bewisen, wéi wichteg déi 2 sinn a wat fir eng stabiliséierend Roll se spillen.

De Schwéierpunkt misst op eng Politik vun der Nofro gesat ginn, déi eise Bannemaart stäerkt.

Dat geet iwwer 2 Weeër:

- Eng staatlech ëffentlech Investitiounspolitik
- An d'Kafkraaft vun den ënneschten a mëttleren Akommesschichte stäerken

Eppes huet dës Kris eis geléiert. Mir brauchen héich ëffentlech Investitiounen. An der Fuerschung, an der Bildung, allgemeng an den ëffentlechen Déngschtleeschtungen. An d'Ëmwelt. An d'Digitaliséierung. An de Logement. An net zulescht an der Gesondheet.

# „Mir wäerte kämpfe fir eisen Gesondheetssystem“

D'sanitär Kris huet eis gewise wéi wichteg d'Gesondheetsversuergung fir eis Gesellschaft ass. Säit engem Joer gëllt et, eis ganz Efforten drop auszeriichten eng Iwwerlaaschtung vun de Spideeler ze verhënneren. Weltwäit an och zu Lëtzebuerg.

An déi Efforte musse mer maachen, well zënter Joren a Joerzéngten, d'Gesondheetspoliticken méi ekonomesch wéi sozial sinn. Well iwwerall gespuert ginn ass. Well versicht ginn ass mat manner Spideeler, manner Better, manner Personal, manner Ausgaben ze fueren. Op dës Aart a Weis ass d'Gesondheet an d'Sécherheet vun de Patienten, an och vum Personal, scho viru Corona faarlässeg op d'Spill gesat ginn.

An den eigentleche Skandal ass jo, datt mer elo 1 Joer no dem Ufank vun der Pandemie, vun de politesche Verantwortlechen nach kee „mea culpa“ kritt hunn. Datt mer 1 Joer duerno, nach musse feststellen, datt Leit mussen an d'Ausland transferéiert ginn well mer net genuch Häerz-Longen-Maschinnen hunn. An och wa mer se hätten, da géif et u Leit feelen, déi se bedénge kënnen.

Datt mer 1 Joer duerno net nëmmen nach ëmmer keng Asiicht hunn, mee och nach ëmmer näischt komm ass ausser eidel Wierder.

Au contraire, et ass ze fäerten datt fréier Feeler widderholl ginn. An heimat maachen ech eng däitlech Warnung un d'Gesondheetspolitik hei zu Lëtzebuerg. Si muss elo dréngend déi aktuell Ugrëffer vun enger privater Kommerzialiséierung vun eiser Gesondheet mat aller néideger Konsequenz ofwieren! A mat der selwechter Konsequenz muss se dann den Ausbau vun eisem ëffentleche Gesondheetswiesen zur alleréischter Prioritéit maachen!

An dat muss och den Toun vun der Diskussioun vu Säite vun der Politik um sougenannte „Gesondheetsdësch“ sinn.

Et muss elo direkt zu méi Investitiounen, méi héije Personaldotatiounen, besseren Ausbildungen, besseren Aarbechtsbedingungen, méi Better, zu bessere Spideeler kommen.

Ech garantéieren iech, datt den OGBL an de Landesverband mat all hire Mëttele wäerte verhënneren, datt et zu enger 2-Klassen-Medezin komme wäert. Mir wäerte kämpfe fir eisen ëffentlechen, qualitativen, universal zougängleche Gesondheetssystem.

Dat selwecht gëllt fir de Fleegesecteur. Ëmmer erëm hu mer Schreckensnorichten aus de Fleege- an Altersheemer héieren. Och hei muss de Kader verbessert gi fir eng qualitativ Fleegeversuergung ze garantéieren. An dat ass de contraire vun deem wat eis Familljeministesch mécht mat dem Projet de loi, wou Deeler vu Servior solle privatiséiert ginn! Mir fuerderen d'Regierung nach eemol mat allem Nodrock op, dee Projet direkt vum Dësch ze zéien.

Nëmme wann d'Personal ënner gudden a sécheren Aarbechtsbedingunge ka schaffen, kënnen och eis eeler Matbierger gutt a sécher gefleegt ginn. Et muss och a Material investéiert gi fir de Schutz ze garantéieren, fir dass d'Isolatioun vun den Eelere verhënnert gëtt, an datt déi sou wichteg sozial Kontakter kënnen oprecht erhale ginn.



# „Well hei geet et em alles. Em d'Zukunft."

Néideg Investitioune brauche mer awer och am Enseignement.

Well et ass och sou schonns psychologesch schwéier genuch fir d'Kanner; an d'Ausmooss vum Impakt vun der Kris op dësem Plang ass sech nach guer net virzestellen.

Mir kënnen awer och laang iwwer Corona schwätzen an iwwer d'Laangzäitfolgen, souwuel gesondheetlech wéi och ekonomesch a sozial vun dëser Pandemie, mee wa mir net direkt eppes un eiser Schoulpolitik änneren, bleiwen dat eidel Theorien.

Well hei geet et em alles. Em d'Zukunft. Dorëms, datt mer aus eise Kanner a Kandskanner mëndeg Erwuessener maachen, déi vläicht kënnen an enger Welt liewe mat manner Inegalitéiten.

Dat geet awer nëmmen dann, wa mer gutt, ëffentlech, héich qualitativ Schoulen, wou all Schüler, onofhängeg vu senger Hierkonft oder senger sozialer Situatioun, e Recht huet gutt ausgebilt ze ginn. Ouni Ënnerscheeder, ouni Ghettoiséierung, ouni Segregatioun, ouni Privatschoule fir déi besser situéiert.

A wann mer bei de besser Situéierte sinn, ass de Sprong net wäit op d'Thema vun der Logementsproblematik hei am Land.



**Et ass och sou schonns psychologesch schwéier genuch fir d'Kanner; an d'Ausmooss vum Impakt vun der Kris op dësem Plang ass sech nach guer net virzestellen.**

# „D’Präisexplosioun iwwertrëfft souguer nach all *worst case scenario.*“



Kee géif sech méi trauen ze soen, datt mer kee Problem hätte mam Logement. Déi allermeescht erkennen et un, déi allermannst komme mat Léisungen.

Vu Säite vun der Politik kommen och a Sonndesriede vill Asiicht an och vill Verspriechen… leider just eideler!

An haut, am Joer 2021 muss ee soen: déi negativ Prognose waren nach Ënnerschätzungen! D’Präisexplosioun iwwertrëfft souguer nach all „worst case scenario“. 16,7% Präishausse am leschte Joer!! A fir all déi, déi soen, dat ass iwwerall esou: nee, dat ass bei Wäitem deen héchste Wäert a ganz Europa!

Mir steiere riicht an eng sozial Katastroph. An elo si mer net méi just bei enger Iwwerlaaschtung fir d’Locatairen oder fir déi ganz niddreg Verdénger… och d’Proprietäre sinn direkt betraff vum Problem. E Problem, deen sech bis déif an d’Mëttelschicht erafrësst.

Mir kënnen net weider akzeptéieren, datt déi eng sech quasi hiert ganzt Liewe verschëlden, sech selwer keen eegent Haus méi kafe kënnen, wärend déi aner sech stänneg beräicheren.

Fakt ass awer och, datt dës Regierung säit 8 Joer et net fäerdeg bruecht huet, d’Entwécklung vun der Kris anzedämmen. An haut, wou se zum Beispill selwer feststellen, datt de Pacte logement 1.0 gescheitert ass, widderhuelen se déi selwecht Feeler, oder soll ee soen, dee selwechte Mangel u Courage am Pacte logement 2.0.

D’Lobbyiste vun de private Promoteuren hunn e gudde Job gemaach. Si kënnen sech weider wahnsënneg beräicheren, inklusiv de gëllenen Aueren. An dat op Käschte vun de Leit déi op Logement à prix abordable ugewise sinn.

Dat ass degoûtant. Dat bedeit näischt anescht, wéi datt de Logementsminister, a mat him déi ganz Regierung, ageknéckt si virun der Renditejuegd am Immobiliëberäich.

Den OGBL an de Landesverband hu Léisungen. A mir hunn se schonn haart a fest gesot. Um Diskussiounsdësch an och schonn op der Strooss. Mee et schéngt net duerzegoen.

Da geet de Match em d’Wunnengskris elo an déi nächst Ronn.

Ech kann iech garantéieren, datt mir net noginn.

De Projet de loi 2.0. muss iwwerschafft an opgebessert ginn. Dat selwecht fir de Projet de loi iwwert de Mitvertrag. An der Spekulatioun am Wunnberäich muss d’Loft ewech geholl ginn.

Et wäert zu weidere gewerkschaftlechen Aktioune komme bis mer fundamental a courageiert politesch Entscheedungen am Beräich vun der Wunnengsproblematik hunn!

**Ech kann iech garantéieren, datt mir net noginn.**

# „Wa mir d'Klimakris net stoppen!"

Den OGBL an de Landesverband sti fir Wäerter. Wäerter wéi de soziale Fortschrëtt, d'Rechter vun de schaffende Leit, Gesondheet a Sécherheet a gutt Léin fir jiddereen, e gutt Liewen, sozial Gerechtegkeet. An all dës Wäerter sinn a Gefor wa mir d'Klimakris net stoppen!!

D'lescht Woch war de World Earth Day. D'Klimakris mécht och net virun engem Virus halt. Den OGBL an de Landesverband ënnerstëtzen déi ambitiéis Paräisser Klimaziler wéi der wësst. An et ass elo keng Zäit méi ze verléieren! Et muss elo direkt gehandelt ginn.

Mee ech erënneren drun: Klimaschutz a sozial Gerechtegkeet gehéieren zesummen.

Mir sti fir Klimagerechtegkeet. Fir eng gerecht Transitioun. Well mir mussen an eng karbonfräi Gesellschaft kommen, ob eng Aart a Weis, déi sozial ass a fair fir déi schaffend Leit an hir Familllen.

# „Mer brauchen dréngend eng Stäerkung vun der Kafkraaft."

Nieft den néidegen ëffentlechen Investitiounen, brauche mer dréngend eng Stäerkung vun der Kafkraaft.

1) D'Ofsécherung vun der Kafkraaft setzt viraus, datt déi staatlech Sozialleeschtungen an ëffentlech Sozialversécherung net ugepak ginn. An souguer plazeweis opgewäert ginn.

D'Covid-Kris misst eis jo geléiert hu wéi wichteg an entscheedend eng gutt ëffentlech sozial Sécherheet ass! Zesumme mat engem finanzstaarke Staat ass si eng droend Sail fir Stabiliséierung an d'Relance vun der Wirtschaft.

Vill aner Länner, déi massiv Defiziter an de Systemer vun hirer sozialer Sécherheet hunn, si méi schlecht duerch des Kris komm wéi mir. An déi Defiziter sinn dat trauregt Resultat vun der neoliberaler Wirtschaftspolitik: Schwächung, Ofbau a Privatiséierung vun den ëffentlechen Déngschter, de staatleche Sozialleeschtungen a vun der sozialer Sécherheet.

Mee och zu Lëtzebuerg hu mer sou Feelentwécklungen erlieft. An ech erënneren hei nëmmen als Beispill un déi réckschrëttlech Pensiounsreform 2012.

Mir mussen eis och elo erëm op déi Diskussioune preparéieren.

An ech kann iech garantéieren, datt et mam OGBL a mam Landesverband net zu Kierzunge vun de Pensioune wäert kommen!

Am Géigendeel, déi Automatisme mussen erëm ofgeschaaft ginn, déi virun e puer Joer koumen an den Ajustement vun de Pensiounen an d'Allocation de fin d'année a Fro ze stellen. Dat dierf net geschéien!

Am contraire, et musse Verbesserunge kommen: notamment d'Mindestrent muss strukturell erhéicht ginn.

A wann d'Mindestrent erhéicht gëtt, ass dat och e wichtege Moment fir d'pensionéiert Fraen.

Well si et nach ëmmer sinn, déi déi niddregst Pensiounen hunn. Si sinn et awer och nach ëmmer, déi fir eng gläich Aarbecht am Duerchschnëtt manner verdénge wéi d'Männer. Si sinn et och nach ëmmer, déi sech haaptsächlech ëm d'Kannerbetreiung këmmeren. Si sinn nach ëmmer déi, déi déi meeschten CDD'en hunn. Et sinn och nach ëmmer d'Fraen, déi am meeschten Interruptions de carrière hunn. An et sinn och nach ëmmer zum ganz groussen Deel Fraen an den Niddreglounsecteuren, wéi zum Beispill dem Nettoyage beschäftegt. An et sinn nach ëmmer d'Fraen, déi déi oft Invisibel-Care-Aarbecht an eiser Gesellschaft maachen.

An dat an eisem modernen, fortschrëttlechen, räiche Lëtzebuerg.

Duerfir sinn ech houfreg drop, kënnen ze soen, datt den OGBL e wichtege Partner an der JIF ass an d'Vertriederinne vun der JIF och haut hei mat op der Plaz si fir sech solidaresch mat eisem 1. Mee ze weisen.

Well de Kampf fir Gläichheet nach net eriwwer ass. Well mir soen: who cares, WE care!



D'Ofsécherung vun der Kafkraaft bedeit doriwwer eraus awer och villes méi:

2) Zum Beispill misst d'Kannergeld elo direkt an ouni Diskussioun opgewäert ginn, sou wéi et zënter 2014 versprach ass.

3) D'Allocation de vie chère muss seriö opgewäert ginn, an net déi schäinhelleg homeopathesch Erhéijung, déi nach just soll eng Kompensatioun zur CO2-Steier sinn.

4) Fir eppes op der Kafkraaft ze maache, mussen d'Léin erop. A bei de Léin erënneren ech un dem OGBL seng Fuerderung vun enger Erhéijung vum Mindestloun. Och d'Kollektivvertragsgesetz muss gestäerkt ginn, fir d'Léin zu Lëtzebuerg kënnen ze stäerken.

5) A fir eppes op der Kafkraaft vun de schaffende Leit ze maachen, muss eise Steiersystem och fundamental méi gerecht ginn!

Et kann net sinn, datt een op deem selwechten Akommes, wann et vum Salaire ass, souvill mol méi Steiere bezilt wéi wann et e Kapitalakommes ass!

Ausserdeem misst och eise Steierbarème nei agencéiert ginn a méi progressiv ginn.

An eng reegelméisseg Upassung vum Barème un d'Inflatioun ass fir eis onëmgänglech.

Och déi eigentlech sozial gerecht Steierkreditter, verléieren u Wäert wann se net reegelméisseg ugepasst ginn.

**Et kann net sinn, datt een op deem selwechten Akommes, wann et vum Salaire ass, souvill mol méi Steiere bezilt wéi wann et e Kapitalakommes ass!**

# „Wa Sue gebraucht gi, da solle mer se siche goen.“

Mir wëssen och, datt am Moment d'Keese méi eidel sinn, mee wéi schonns gesot, et gi Moyene fir se erëm ze fëllen, an déi an engems zur Steiergerechtegkeet bäidroen.

Et ass dach e Skandal, datt Plus-valueën op Aktië quasi steierfräi sinn.

A mir kommen do wierklech net laanscht eng fundamental Diskussioun och wat d'Besteierung vum Patrimoine ugeet.

Mee et muss méiglech sinn d'Grondsteier massiv ze héijen. Net fir deen, dee just säin eegent Heem besëtzt oder nach en Terrain huet fir seng Kanner. Mee fir deen, deen eidel Terrainen aus spekulative Grënn zeréckhält. A virun allem fir deen, an daat iwwert eng progressiv Grondsteier, dee 5, 10, 20, 50 oder nach méi Terrainen an Haiser besëtzt.

Do mussen endlech eis Politiker de Courage hu fir Mesuren ze huelen, déi finanziell just e puer Leit belaaschten, deenen et net wéi deet. Wärend de Gros kann dervunner profitéieren.

Well wa Sue gebraucht gi fir de Staatsbudget ze konsolidéieren, da solle mer se dohi siche goen, wou der genuch sinn. An sou Plaze ginn et!

A wann et mat all eise Steiermesuren net duergeet fir d'Kris ze iwwerwannen, da muss et och méiglech sinn eng progressiv Coronasteier fir déi iewescht 10% anzeféieren.

Hei kann een sech mol ukucke wat an den USA zum Deel annoncéiert gëtt. Grouss Betriber, déi och nach deelweis an der Kris hire Benefice staark verbessert hunn, musse solidaresch sinn. Si mussen den Haaptundeel vun der budgetärer Krisebewältegung droen.

Mir hunn eng Joerhonnertkris. Déi richteg Lektioune mussen elo draus gezu ginn.

Si kann elo eng Chance si fir verschidden Hiewelen ëmzesetzen. Mir dierfen dës Chance net verpassen.

Fir aus dëser Kris erauszekommen, musse mer eis gewerkschaftlech Ziler verfollegen: Aarbechtsplazen offséecheren, keng weider Inegalitéiten an eiser Gesellschaft zouloossen, Prekaritéit verhënneren an aus all deene Grënn musse mer déi wirtschaftlech Rezessioun sou gutt wéi méiglech opfänken an ofschwächen.



# „Eng Aarbechtswelt, déi an engem séiere Wandel ass.“

Mir si frou haut e staarken OGBL a Landesverband ze sinn, déi grad an dëse schwéieren Zäiten duerfir suergen, datt d'Interesse vun de Leit verdeedegt ginn. An der Pensioun an natierlech op der Aarbechtsplaz. An enger Aarbechtswelt, déi an engem séiere Wandel ass a villen Erausfuerderungen, duerch COVID, awer och duerch d'Digitalisatioun an duerch Transition écologique erlieft.

De sozialen Impakt vun deenen Entwécklungen, Risiken, an awer och méiglech Chancen analyséieren, dat sinn elo Erausfuerderunge fir eis Gewerkschaft.

An och wa mer eis sou oft e méigleche Retour zur Normalitéit wënschen, dierf et duerfir awer kee Retour zu deem Anormale ginn, wou de Profit virum Mënsch steet, wou d'Aarbecht d'Leit oft krank mécht.

Et gesäit ee leider, datt ëmmer méi Leit Schwieregkeeten hu Privates a Beruffleches ënnert een Hutt ze kréien, datt d'Leit, déi „plein temps" schaffen oft gär géife manner schaffen an déi, déi „temps partiel" schaffen, oft gär géife méi schaffen. Och Phenomener wéi Mobbing a Burn-out huele leider tendenziell weider zou.

Corona huet, dat ass jo elo net iwwerraschend, d'Situatioun nach eng Kéier massiv verschäerft.

Mir mussen endlech an eng Welt kommen, wou déi sou oft zitéiert Work/Life Balance erreecht ass. D'Kris huet eis gewise wat wierklech wichteg ass am Liewen, eis Gesondheet an déi vun eise Léifsten.

Mir mussen déi Problemer eescht huelen. D'Patrone mussen déi Problemer eescht huelen. Ech weess, och si sinn am Moment geheit, virun allem déi Kleng- a Mëttelbetriber, wou et em dat puert Iwwerliewe geet.

Mee all Patron muss sech dach soen, datt seng Salariéë musse geschützt ginn, net nëmme virun de physesche Contrainten, mee och virun deene psychosoziale Risike vun der Aarbecht. An hei muss legiferéiert ginn. Hei mussen obligatoresch Reegele kommen.

Ee Volet dovunner ass den Droit à la déconnexion, wou sech d'Sozialpartner am Conseil économique et social eens gi sinn, datt de Prinzip an de Code du travail muss kommen. Dat muss och elo séier geschéien. Här Aarbechtsminister, den Text ass prett!

Dem OGBL a Landesverband hir Fuerderung no besser gereegelten Aarbechtszäiten, no méi Previsibilitéit vun de Stonnen, déi ee muss schaffen, vun enger besserer Harmonie tëscht Aarbechts- a Privatliewen si méi wichteg wéi jee.

Dem OGBL a Landesverband hir Fuerderung vun enger allgemenger Aarbechtszäitverkierzung mat vollem Lounausgläich ass méi aktuell wéi jee!

D'Gesondheet an d'Sécherheet op der Aarbecht muss Virrang hu viru Rentabilitéits- a Produktivitéitsiwwerleeungen.

A verschiddene Secteure sinn d'Aarbechtskonditioune besonnesch schlecht.

Ech denken do zum Beispill un den Horecasecteur, un de Commerce, mee natierlech och un de Botzsecteur.



# „Kämpferesch Personaldelegatiounen.“




Am Commerce hate mer déi lescht Woche grouss Diskussiounen ëm d'Sonndesaarbecht. Hei hu ganz vill Betriber an deene leschte Joren d'Gesetz iwwer d'Limitatioun vun der Sonndesaarbecht op 4 Stonnen net agehalen a goufen dowéinst vun der ITM verwarnt. Trotz allen Efforte vum OGBL, fir eng zefriddestellend Léisung ze fannen an d'Fro iwwer de kollektivvertragleche Wee ze léisen, huet d'Patronat hei all Accord blockéiert. Et gëtt näischt fir näischt, an et ass net well ee säit Joren d'Gesetz net respektéiert, datt dat elo op eemol soll zur Norm ginn. Vergiesse mer net wat hei d'Zil vum Patronat ass: nämlech déi komplett Liberaliséierung vun den Ëffnungszäiten, an déi ass mam OGBL ganz sécher net ze maachen!

Am Nettoyage hunn se misste kämpfen déi lescht Méint. Well si déi waren, déi un der vorderster Front stoungen. Déi systemrelevant sinn an ni opgehalen hu mat schaffen. Awer gläichzäiteg wollt d'Patronat aus dem Secteur näischt maachen op de Léin an op den Aarbechtsbedingungen. D'Kolleeginnen an d'Kolleegen hu missen op d'Strooss goen, hu misse streiden a mobiliséieren a ware bereet bis zum Äussersten ze goen.

An duerch hir Entschlossenheet an hire Courage, ass elo Beweegung an deen Dossier komm. A mir ginn do net no bis et zu engem gudde Kollektivvertragsofschloss kënnt.

An haart kämpfen a bis zum Äusserste goen, mussen och d'Kolleege vun der Eurofoil. Hei ass et scho méi wäit, de Streik steet virun der Dier.

D'Urofstëmmung ass an de leschten Deeg gelaf. An dat mat engem Bommeresultat: Wäit iwwer 90% vun eise bal 200 Membere vun der Beleegschaft si FIR e Streik!

E mobiliséiert, engagéiert a couragéiert Personal wat senger Direktioun esou staark géigeniwwer steet a weist: mir loossen eis net splécken! Mir loossen eis eis haart erkämpften Errongenschaften net ewech huelen! Och wann et soi-disant nëmme fir déi Nei ass! Mir falen net op dat perfid Spill eran!

An duerfir un all Militant hei op der Plaz, si sollen eis e Beispill sinn a mir sollen si ënnerstëtzen an hirem Aarbechtskampf bis och dee leschten Decideur vun der Eurofoil et verstanen huet!

A wat hei an deem Betrib am grousse Stil probéiert gëtt, muss ee leider soen, gëtt quasi flächendeckend an allen Industriebetriber hei am Land probéiert: an alle Kollektivvertragsverhandlunge versichen d'Patronatsvertrieder Verschlechterungen op de Léin, op de Congéen, op de Primmen anzeféieren. An dat haaptsächlech ëmmer

fir déi nei Agestallten am Betrib…

Ech si frou, datt den OGBL en héije gewerkschaftlechen Organisatiounsgrad an deene Betriber huet. An kämpferesch Personaldelegatiounen. Déi op dat manipulatiivt Spill vum „diviser pour mieux régner" net erafalen. Déi verstanen hunn, datt Corona oft als Ausried geholl gëtt fir Ofbau ze bedreiwen. Déi sech dat net gefale loossen!

Esou wéi d'Kolleegen an hirem Match bei der Guardian d'lescht Joer gekämpft hunn. An domadder gewisen hunn, datt een eppes kann erreechen. A wéi staark mer als OGBL all zesumme kënne sinn.

Bei Arcelor Mittal konnte mer 3000 Aarbechtsplazen duerch gewerkschaftlechen Asaz, an awer och duerch de Sozialdialog am Lëtzebuerger Modell, der Tripartite, retten!

Doriwwer eraus ass hei och de Secteur vun der Stolindustrie ofgeséchert ginn, mat senger historescher an och ekonomescher Bedeitung fir eist Land. A fir all déi Betriber, déi direkt dovunner ofhänken.

Den Dossier Liberty Steel par contre mécht eis méi Suergen. Ech erënneren drun, datt den OGBL vun Ufank un kritesch war vis-à-vis vum Projet a virun allem den zweiwelhafte Finanzkonstrukter hannendrun.

A wann haut de Patron vu Liberty de Kapp an de Sand stécht ënnergedaucht ass an et net fäerdeg bréngt de Betrib ze retten, da muss den Tabu vun der Nationaliséierung gebrach ginn! Fir den Erhalt vum Site! Fir d'Aarbechtsplazen an d'Existenzen, déi drun hänken!

Am Banken- an Assurancësecteur erhoffe mer eis e positiven Ofschloss vun de Kollektivverträg. Och wann am Moment eng Gewerkschaft queesch schéisst an domadder der gemeinsamer Saach schued.

Déi am Télétravail, déi nieft den aarbechtsrechtlechen a steierleche Froe mat de Suitte vun der Isolatioun ze liewen hunn, déi säit Méint keen oder ganz wéineg Austausch hu mat hiren Aarbechtskolleegen.

Déi am Chômage partiel, déi finanziell Verloschter erleiden an och nach musse mat der Angscht liewen, datt hir Aarbechtsplaz ganz verschwënnt oder vläicht eng ganz aner wäert si wéi virdrun.

*Ech kann haut net op all Betrib an all Secteur agoen. Dat fält mer schwéier. Well zënter dem Ufank vun der Pandemie wësse mer et: An alle Secteuren, an alle Beruffsgruppe leiden déi schaffend Leit massiv ënnert dëser Kris. Déi aus der éischter Front, déi systemrelevant, déi ëmmer hu misse funktionéieren, weiderschaffe mat der Angscht sech unzestiechen. Fir datt d'Gesellschaft konnt weider dréinen.*

# „Mir si prett fir all déi Erausfuerderungen unzepaken."

D'Zäiten déi elo op eis zoukommen, wäerte keng einfach ginn. Mir sinn eis dat ganz bewosst am OGBL an am Landesverband.

Mee, gleeft eppes, mir si prett fir all déi Erausfuerderungen unzepaken. A fir dowidder ze goe wann et néideg gëtt. Dorunner soll keen zweiwelen. D'Zukunft steet net am Viraus geschriwwen. Si gëtt eréischt geschriwwen.

A mir wäerten se matschreiwen, mat iech. An an deem Zenario, dee mer schreiwe wëllen, hunn déi schaffend Leit déi 1. Roll.

Déi mënschlech Dimensioun vun der Aarbecht muss erëm opgewäert ginn. D'Mënschen dierfen net méi just als Produktiounskäschten ugesi ginn, selwecht wéi eng Wuer oder eng Matière première.

Aarbecht unerkennen a se gutt bezuelen. Datt muss erëm an der Virdergrond geréckelt ginn.

An dofir sti mer all, onofhängeg vu wéi engem Secteur.

Mir all zesumme sinn den OGBL an de Landesverband. A mir all zesumme kënnen eis och där do Erausfuerderung stellen. Am Interesse vun alle schaffende Leit, Rentner an hire Familljen..

**An dësem Sënn, passt op iech op a bleift gesond.**

**Vive den 1. Mee! Vive de Landesverband! Vive den OGBL!**

**An och wa mer eis sou oft e méigleche Retour zur Normalitéit wënschen, dierf et duerfir awer kee Retour zu deem Anormale ginn, wou de Profit virum Mënsch steet, wou d'Aarbecht d'Leit oft krank mécht.**